N°7384
Entrée le 13.01.2023

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 7384 vun der éierewäerter Deputéiert Martine Hansen**

**Kruten all d'Betriber e gratis Monitoring ugebueden?**

- **Wa jo, wat fir Instrumenter si genee an deem Monitoring enthalen?**
- **Wat fir Mesure sinn als Konsequenz vum Monitoring ëmgesat ginn?**
- **Wann nee, fir wat ass d'Motioun an de leschte Joren net ëmgesat ginn?**

Um Klimadësch-Landwirtschaft vum 11. Oktober 2021 huet den deemolege Landwirtschaftsminister Romain Schneider d'Plattform www.klimacheck.lu virgestallt. No der Eingab vu Basisdonnéeën a Beäntwere vun engem themen- a produktiounsspezifesche Froekatalog kritt de Betrib online a via Mail een direkte Feedback, wéi et punkto Klima- an Energieeffizienz op sengem Betrib ausgesäit. Dobäi ginn déi Moossname speziell ervirgehuewen, wou de Betrib schonns besonnesch klima- an energieeffizient ënnerwee ass. Bei Feststelle vu Verbesserungspotential oder Mängel kritt de Betrib dann och eng Rei vu Moossnamen (insgesamt 18 Beräicher) proposéiert, déi en aktiv ëmsetze ka fir seng Klima- an Energieeffizienz an Zukunft ze verbesseren.

Fir weiderféierend Informatioune stinn dann ënner anerem déi agreéiert landwirtschaftlech Berodungsorganisatiounen zur Verfügung.

Lëtzebuerg, den 12. Januar 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung

(s.) Claude Haagen